MathemaTIC.lu Live Event
– Level 2 –

Een zweete Module kenneléieren an d'Roll vun der Léierpersoun (25/11/2021)

An dëser drëtter Formatioun gëtt all Participant dozou ugereegt zu enger Reflexioun iwwert d'Integratioun vu MathemaTIC a senger Praxis.

Mir verdéiwen d'Benotzung vu MathemaTIC fir d'Léieren, d'Widderhuelen an d'Opschaffe vun Inhalter. Projetsaarbecht a Flipped Classroom ginn als Methode fir all Zilgrupp unhand vun engem Module illustréiert.

Fir méi Informatiounen a fir d'Umeldung, gitt op d'Säit **http://edulink.lu/4xpw** oder scannt de QR-code.



PLC fir MathemaTIC

Professional Learning Community fir MathemaTIC (6 Sessiounen à 1,5 h vun November bis Juni)

D'Formatioun "PLC fir MathemaTIC" gëtt ausschliisslech online ugebuede fir Équipes Pédagogiques aus de Cyclen 3 a 4 aus dem Fondamental. Dir kënnt Iech, jidder Zäit an no Ärem eegene Rhythmus, mat Äre KollegInnen an Ärer Schoul treffen an als Grupp un de Sessiounen deelhuelen.

Wärend de Sessiounen deelen d'Formateuren/ d'Formatricen Texter an opgezeechent Videoë zum MathemaTIC mat iech. Gläichzäiteg féiert Dir praktesch Aufgabe mat Äre KollegInnen duerch.

Fir méi Informatiounen a fir d'Umeldung, gitt op d'Säit **http://edulink.lu/i5u0** oder scannt de QR-code.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

MathemaTIC

Rentrée 2021-2022

Formatiounen an Eventer

MathemaTIC.lu Live Event
– Starter Level –

Éischt Schrëtt mam MathemaTIC.lu fir all nei Benotzer (13/9 oder 30/9/2021)

An dëser éischter Formatioun léiert all Participant, wéi ee sech op www.MathemaTIC.lu mat sengem IAM umellt. D'Installatioun op Android oder iPad-Tablets, souwéi d'Erstelle vu Klassen oder Gruppe ginn natierlech thematiséiert.

Déi verschidde Funktioune vun der Enseignants-Interface ginn am Detail virgestallt, fir eng direkt Benotzung ze erméiglechen.

Fir méi Informatiounen a fir d'Umeldung, gitt op d'Säit **http://edulink.lu/0w2q** oder scannt de QR-code.

MathleTIC Challenge 2021

Vum 6/10 bis den 8/10/2021 op MathemaTIC.lu

Maacht mat als Klass bei der siwenter Oplag vum MathleTIC Challenge op MathemaTIC.lu.

D'Gewënner-Klasse kréien een Outdoor Teambuilding Dag am Mariendall vum SCRIPT geschenkt.

Et ass keng Umeldung néideg fir beim Challenge matzemaachen! Et geet duer, sech mam IAM unzemellen, op den Challenge-Knäppchen ze klicken an als Klass Stären a Medailen ze sammelen.

All d'Klassen aus dem Cycle 3, Cycle 4, Voie de Preparation an dem Enseignement Secondaire kënne matmaachen.

MathemaTIC.lu Live Event
– Level 1 –

Virstellung an Notzung vun engem Module (28/10/2021)

An dëser zweeter Formatioun entdeckt all Participant verschidde Méiglechkeete fir de MathemaTIC anzesetzen. Mir presentéiere verschidde pedagogesch Zenarien a stelle gläichzäiteg och ee spezifeschte Module fir all Zilgrupp vir.

Fir méi Informatiounen a fir d'Umeldung, gitt op d'Säit **http://edulink.lu/g2x1** oder scannt de QR-code.